CORPS GRAND-DUCAL
INCENDIE & SECOURS



# Candidature pour les élections d'un délégué des pompiers volontaires assistant aux réunions du conseil d'administration du Corps grand-ducal d'incendie et de secours

**Virnumm:**

Chris Anthony

**Familljennumm:**

Weber

**Matricule CGDIS:**

WECH06

**Cadre:**

Cadre de base

**Gebuertsdatum:**

13.02.1997

**Meng Motivatioun:**

De fräiwëllege Pompjee ass esou wichteg fir eist Land a fir de CGDIS ewéi nach ni. Iwwer 6700 fräiwëlleg a ronn 650 beruflech Pompjeeën zielt de CGDIS, wat bedeit, dass ëm 90% vun eisen Asazkräften sech, nieft engem Beruff, enger Famill oder enger Pensioun, fir d'Allgemengheet engagéieren a soumat hir Gesondheet op d'Spill setzen an hir Zäit opferen. Eng Zäit, déi net onerhieflech ass: reegelméisseg Garden, Permanencen, Formatiounen, Stagen, Formations continu'en, Maintien des Acquis'en, Medico'en huele vill Zäit an Usproch. Dowéinst ass et ëmsou méi wichteg, de fräiwëllege Pompjee ze schätzen, him en oppent Ouer ze bidden, kuerz: him e Kader bidden an deem heen sech wuel a geschätzt fillt.

**Meng Kompetenzen:**

Ech erlabe mer mech virzestellen: Main Numm ass Chris Weber, 27 Joer a fräiwëllege Pompjee zu Beetebuerg am Volet INC/SA a SAP, esouwéi an der Ausbildung zum Member vum Groupe de Support Psychologique. Berufflech schaffen ech am Service Communication vum CGDIS, sinn awer mat Häerz a Séil fräiwëllege Pompjee. De Rettungsdéngscht huet mech geléiert nach besser an engem Team ze schaffen an effikass a Stresssituatiounen oder ënner Drock ze handelen an en Team ze leeden. Organisatioun ass doriwwer eraus kee Friemwuert fir mech. Duerch main Engagement am Comité vun de Beetebuerger Pompjeeën organiséieren ech reegelméisseg Evenementer, vu Porte-Ouverten iwwer Ofschlossiesse bis hin zum Pompjeesquiz, deen ech 2023 an d'Liewe geruff hunn.

Doduerch, dass ech mech gäre mam Fonctionnement vum CGDIS beschäftegen an ech béid Vu'en, vum System virum CGDIS an duerno, hunn ass et mer méiglech en ëmfaassend Wësse vum System ze besëtzen a verschidde Perspektive ze verstoen a mateneen ze verbannen.

Do dernieft konnt ech dat aktiivt Nolauschteren an déi gemeinsam Léisungsfannung bei verschiddenste Formatioune weider verbesseren an op villen Asätz ewéi och am Austausch mat Kolleegen a Kolleeginnen erfollegräich asetzen.

**Meng Erfarungen fir dësen Posten:**

2005 hunn ech mäi Wee bei d'Lëtzebuerger Rettungswiesen, méi genee bei d'Jugendpompjeeë, fonnt. 2013 hunn ech dunn endlech dierfe bei déi „grouss Pompjeeën" wiesselen a konnt mech bei de Gemengepompjeeën a bei der deemoleger Protection Civile bzw. bei der Administration des Services de Secours (A.S.S.) operationell engagéieren. 2018 koum déi laang ugekënnegte Fusioun tëscht de 5 Haaptunitéiten vum Rettungsdéngscht zu Lëtzebuerg. Mam CGDIS huet sech esou munches geännert och wann net ëmmer jiddereen domat averstane war.
Nach ëmmer war et mer wichteg menge Pompjeeskomeroden a meng Erwaardungen no vir ze bréngen, esou dass ech mech fir d'Wiel vum Mannschaftsvertrieder am Comité vun eiser Amicale (Amicale vun de Beetebuerger Pompjeeën) gemellt hunn a säitdeem och ausüben. Als Mannschaftsvertrieder ass et meng primär Aufgab d'Meenung vun eise Memberen ze vertrieden a sech fir déi anzesetzen. Do dernieft hëlleft e Mannschaftsvertrieder beim Treffe vun Decisiounen ewéi beim Organiséiere vu Manifestatioune vun der Amicale.
Déi 12 Joer operationell Erfarung an d'Engagement an eiser Amicale hu mech dozou motivéiert fir dëse Posten ze kandidéiere fir als Stëmm vun alle fräiwëllege Pompjeeën zu Lëtzebuerg ze fungéieren.

**Fierwat sollt Dir mech wielen:**

Ech bréngen net nëmmen Erfarung an Engagement mat, mee och d'Fäegkeet Brécken tëscht de verschiddenen Interessen ze bauen. Mäin Zil ass et, d'Erausfuerderungen a Bedierfnisser vun de fräiwëllege Pompjeeë siichtbar ze maachen a konstruktiv Léisungen ëmzesetzen. Meng laangjäreg Tätegkeet am System huet mer gewisen, wéi wichteg eng staark Stëmm fir déi Fräiwëlleg ass fir hiert Uleies nohalteg ze vertrieden. Och gesinn ech mech als zouverlässegen Uspriechpartner, deen esouwuel op Aenhéicht kommunizéiert ewéi och verantwortungsbewosst Entscheedungen trëfft.

**3 Wierder déi mech am beschten beschreiwen:**

Engagement
Empathie
Determinatioun